

(Interruption)

Hei sinn nach zwou Froen un de Minister ze stellen. Fir d'éischt den Här Braz.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Manner eng Fro wéi eng Remarque als „parole après ministre“.

Et wär villes ze soen, mä dat ass haut net méi d'Geleeënheet. Just op ee Punkt wëll ech ganz kuerz agoen.

De Minister huet geschwat vun der Wichtigkeet, datt déi Leit, déi aus dem Prisong erauskommen, och eng Chance hunn eng Aarbecht ze fannen, an en huet verweisen op déi Patronen.

De Problem ass manner Patronen ze fannen, déi bereet sinn dat ze maachen. Där gëtt et der, esouwuel am Private wéi bei de Gemengen. De Problem ass, dass vun deene Patronen da méi verlaangt gëtt wéi dat wat si kënnen bidden. Si sinn nëmme Patron. Déi hätten nëmme gären e Mataarbechter, dee säin Job mécht.

Datt se sollen d'sozial Begleedung vun deem Mataarbechter maachen, dat kënnen se net assuréieren, an do si mer dann erëm eng Kéier op deem Punkt, wou mer mierken, dass ouni genuch qualifizéiert psycho-

soziaalt Personal och deen doten Transfert op den Aarbechtsmarché net funktionéiere kann. Mir sinn am Verhältnis 1:3 ënnerbesat, an dat ass och fir d'Patronen e Problem. Si si gäre bereet engem eng Aarbecht ze ginn an eng Pai ze gi fir eng gutt gemaachten Aarbecht, mä si kënnen net niewebäi als Patron och nach de Sozialarbechter spillen.

An dorunner scheitert dann no e puer Wochen, heiansdo och no e puer Méint, de Versuch déi Leit ze reintegréieren. Dofir ass dat erëm eng Kéier ee vun de wesentlechen Aspekter, wa mer doriwwer diskutéieren.

» M. le Président.- Den Här Bettel.

» M. Xavier Bettel (DP).- Här President, ech soen lech Merci. Ech hat dem Minister zwou Froe gestallt. Ech wollt awer just soen, well et ass hei ganz vill iwwert de Strofvollzuch geschwat ginn, ech ka verstoen, dass een dat mat als Part vun der Sécherheet am Prisong ugesäit, mä de Sujet war jo awer, suite à l'évasion vum Här Kujtim, d'Sécherheet am Prisong. Dofir hat ech mech och op dee Punkt cantonnéiert.

Här President, ech hat dem Här Minister zwou Froe gestallt. Dat wor eng Kéier iwwert d'Faitë vu leschter Woch, vun e Méinden, wou hien elo guer net drop agaangen ass. Ech verstinn hien zwar och, dass hien net gären doriwwer diskutéiert. Mä d'Fro ass awer gestallt.

(Brouhaha général)

An déi iwwee Giwenech fir Fraen, Här President, wou den Här Minister viru siwe Joer ugekënnegt huet, hie wär dofir. Ech wëilt just gäre wëssen, ob dat nach ëmmer dem Här Minister säi Wonsch ass, ob hien dofir ass, mä och ob eppes gemaach gëtt.

» M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, wat déi vum Députéierten ugeschwate Faitë vun e Méinde sinn, hunn ech keng Informatiounen an deem Kontext. Dat muss ech also nofroen.

Zweetens, wat Giwenech betrëfft respektiv den oppene Strofvollzuch fir Fraen, esou ass dat effektiv eng vu menge Suergen. Ech deelen och déi Opfaassung, déi där Deeg an enger Question parlementaire vun der Madame Dall'Agnol gesot ginn ass, well ech se ëmmer gedeelt hunn, datt dat keng gutt Situatioun ass, datt mer fir d'Männer en oppene Strofvollzuch hunn a fir d'Fraen net.

Fakt ass deen, an dat huet d'Schwieregkeet esou grouss gemaach, datt mer am Prisong 680 Persounen hunn, dovunner awer nëmmen eng 30, 40 Fraen, a vun deene kommen der jo och nëmme ganz weeneg a Fro; d'nämlecht wéi bei Männer, déi kënnen an den oppene Strofvollzuch kommen. Wann een also seet, an dorunner si mer gescheitert: Fir déi, loosse mer emol soen 10%, dat wäeren da 4 Persounen, baue mer elo eng Infrastruktur, wou mer musse Personal hunn, Infrastruktur, Sécherheet - och an engem semi-ouvertë Prisong brauch een nach gewësse Regeln a Sécherheet -, dann ass dat ganz schwiereg.

Duerfir kommen ech am Fong zwee Joer, nodeem ech dat effektiv gesot hunn, zur Konklusioun, datt mer sollen zu Giwenech, ähnlech wéi dat an Dänemark ass, an opgrond vum Prinzip vun der Gläichheet vu Mann a Fra eng mixte Struktur maachen, well et am Fong keng Argumenter ginn an enger Gesellschaft, wou mer d'Gläichheet héichhalen, fir separat Prisonge bei och oppene Strukturen ze schafen.

Duerfir sinn ech der Meenung, datt mer an enger Struktur wéi Giwenech och vläicht kéinten ee Pavillon fir d'Frae reservéieren, déi da par ailleurs an enger mixter Gesellschaft - esou wéi se och an der fräier Gesellschaft niewentenee kënnen liewen - sinn. An do hunn ech den Optrag ginn, fir ze kucken - an och do maachen ech gär der Commission juridique an e puer Woche Bericht - wéi mer dat kënnen ëmgesat kréien. Wa mer vläicht déi eng oder déi aner Gardienne dohinner kréien, da misst dat machbar sinn. Well de Gläichheitsprinzip soll sech do esou applizéiere wéi an der fräier Gesellschaft selbstverständlech.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Sou! De Punkt ass domadder ofgeschloss a mir si gläichzäiteg um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

Heimadder ass d'Sitzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.45 heures)

SÉANCE 25

Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

- 5700 - Proposition de loi portant réglementation du financement des partis politiques - Auteurs: MM. Marco Schank, Alex Bodry, Claude Meisch, François Bausch et Robert Mehlen  
5701 - Proposition de loi portant modification de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse - Auteur: Mme Lydie Err  
(Déclaration de recevabilité)
- Dépôt d'une proposition de loi et d'une motion par M. Aly Jaerling
- Dépôt d'une proposition de loi
- Ordre du jour
- Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de la problématique du suicide au Luxembourg et plus particulièrement au sujet du taux de suicide chez les jeunes  
(Débat - Résolution)
- 3923C - Proposition de loi portant 1. révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1<sup>er</sup> de l'article 11 de la Constitution; 2. création d'un article 11bis nouveau de la Constitution  
(Second vote constitutionnel)
- Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'abus de médicaments psychotropes chez les adultes et les jeunes en Europe et au Luxembourg  
(Débat - Résolution)
- Question urgente N°1607 de Mme Martine Stein-Mergen relative au remboursement du nouveau code de visite majorée en médecine générale (V8)
- Question avec débat N°14 de M. Claude Adam relative à l'introduction d'une filière en langue française pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire à l'École privée Notre-Dame dès la rentrée 2007-2008
- 5690 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés  
(Rapport de la Commission du Règlement - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

Mercredi, 14 mars 2007

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Merci, Madame Jacobs.

1. 5700 - Proposition de loi portant réglementation du financement des partis politiques - Auteurs: MM. Marco Schank, Alex Bodry, Claude Meisch, François Bausch et Robert Mehlen

5701 - Proposition de loi portant modification de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse - Auteur: Mme Lydie Err

Déclaration de recevabilité

An hiren Réunioun vun haut de Mëtteg huet sech d'Présidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun zwou Propositions de loi ausgeschat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi N°5700 vun deenen Häre Schank, Bodry, Meisch, Bausch a Mehlen iwwert d'Parteiefinanzéierung, an d'Proposition de loi N°5701 vun der Madame Lydie Err iwwert den Avortement.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Den Här Jaerling an och den Här Wagner hunn d'Wuert gefrot, fir en Dépôt ze maachen. Dat gesi mer elo.

2. Dépôt d'une proposition de loi et d'une motion par M. Aly Jaerling

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Jo, Här President, ech wëll dës Geleeënheet notzen, fir eng Proposition de loi ze depouéieren, fir en zousätzlechen Artikel an der Verfassung bäizefügen, opgrond vun deem d'Lëtzebuerger Sprooch als Sprooch vun de Lëtzebuerger och an der Verfassung verankert gëtt.

- Proposition de loi N°5702 visant à modifier la Constitution.

An dann opgrond vun deem, wann d'Lëtzebuerger Sprooch an der Verfassung verankert ass, wëll ech eng Motioun hei depouéieren, déi d'Regierung dann duerno opfuerdert, bei den europäeschen Instanze virzespriechen, fir dass d'Lëtzebuerger Sprooch och als europäesch Sprooch unerkannt gëtt, well et déi eenzeg Sprooch ass vun engem vun de Grënnerstate vun Europa, déi nach net als europäesch Sprooch unerkannt ass.

Motion

D'Volleksvertrieederkummer,

- besuergt driwwer, fir d'Lëtzebuerger Sprooch als e wichtegt Element vun eiser Kultur, awer och als wichtegt Integratiounsmëttel ze erhalen an auszebauen, an dat och grenziwwerschreidend ze demonstrieren;

- net averstanen domat, datt déi iwwert d'Gesetz vum 24. am Spierkel 1984 iwwert de Sproocheregime als national Sprooch vun de Lëtzebuerger festgeschriwwen Lëtzebuerger Sprooch als eenzeg National-



Chambre  
des Députés  
LUXEMBOURG

d'Chamber online op  
www.chd.lu